

Uebstbaueren, wou mer jo soen, dass mer immens grouss Quantitéite mussen importéieren, awer och fir de Bäcker, fir de Metzler um Eck, déi probéiere sech ze behaapten. Alles dat wier absolut sënnvoll, ekonomesch sënnvoll, national ekonomesch sënnvoll an e gudden Deel méi Liewensméttelsécherheet.

Zesumme faassend wëll ech soen, dass eng konsequent Démarche am Kontext vun de Kantinen an allen Hisiichte positiv wier a mer dofir esou séier wéi méiglech sollen e Gesetz an deem Kontext maachen.

Ech géif mäi Kolleeg Nico Loes bidden eis Proposition de loi dem President ofzeginn. Ech géif och dat verbanne mat engem Appel un all d'Fraktiounen, fir eng Hand unzeleeë beim Zoustanekomme vun esou enger Législatioun. Ech brauch eis Proposition de loi net virzestellen, well den Här Garcia huet mer déi Méi ofgehall. Ech wollt awer soen, dass den Här Loes an ech kee Problem dermat hätten, wann de Ministère de tutelle een anere wier wéi dee vun der Landwirtschaft. Mir hunn zwar gemengt, dass dat logesch wier, well dee gréissten Deel vun dem Circuit agro-alimentaire vun der Landwirtschaft ofgedeckt gëtt. Ech hätt awer kee Problem wann dat bei der Santé wier, wa mer d'Viraussetzungen domat kënne schafen, dass eis Proposition de loi esou ukënnt, wéi mir eis dat wënschen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Nico Loes fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

3. Dépôt d'une proposition de loi

M. Nico Loes (CSV).- Här President, esou wéi de Kolleeg Marco Schank et elo ugedeit huet, géif ech mir erlaben, déi Proposition de loi, vun där virdu Rieds gaangen ass, am Numm vun Här Marco Schank a vu mir selwer hei ze deponéieren.

Et ass déi vun der Nordallianz vum Séi, wéi virdu gesot ginn ass, mä d'Allianz ass op fir all aner Leit, déi sech eisen Iddië wëlle ralliéieren, fir dass mer gemeinschaftlech kënne an eng Richtung schaffen an den Débat d'orientation vun haut dann och Sënn mécht.

- *Proposition de loi 4865 ayant pour objet d'assurer la qualité de l'alimentation dans la restauration collective publique.*

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här Loes, hutt Der och un de Miseler Wäin geduecht?

M. Nico Loes (CSV).- Här Scheuer, ech hu gesot, dass d'Nordallianz och op wär fir mam Oste Koalitiounen anzegoen. Wann Dir nach gutt Proposen hutt, huele mir déi selbstverständlech mat virun.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun där Proposition de loi duerch den Här Nico Loes an den

Här Marco Schank. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

2. Débat d'orientation sur la politique de la restauration collective, et en particulier de la restauration scolaire, demandé par le groupe Déi Gréng (Suite)

Discussion générale (Suite)

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Restauration collective ass ganz allgemeng eppes, wat fir d'Gesellschaft kann exemplaresch sinn, wann et ëm d'lesse geet, souwuel wat d'Objektiver vu Gesondheet wéi och vu Qualitéit ugeet.

Wéi mäi Virriedner et ervirgestrach huet, kann et och eng wichteg Tromp sinn, fir eng regional Agriculture mat biologeschem Aschlag zu Lëtzebuerg ze développéieren an där Agriculture e Marché ze ginn, dee stabel ass an deen de Baueren, déi an deem Marché schaffen, och de Gäertner, d'Hoffnung gëtt géint ganz grouss Producteuren ze bestoen. Dat schéngt mer eng ganz wichteg Komponent ze sinn an ech wollt dofir d'Auteure vun där Proposition de loi, d'Häre Schank a Loes félicitéieren, fir déi Aarbecht, déi se do gemaach hunn.

Ech wollt awer a menger Interventioun mech besonnesch mat der Restauration scolaire ofginn, an do vu vireran ons Iwwerzeegung soen, dass d'Restauration scolaire en Deel vum Encadrement parascolaire am Kader vun der Schoul soll sinn. Et ass haut méi wéi je evident, dass d'öffentlech Schoul niewent dem eigentleche Schoulhalen eng Partie Servicer offréiere muss, déi am Liewe vun haut fir d'Elteren an och fir d'Kanner indispensable sinn. Dat ass selbstverständlech en Accueil ausserhalb vun de Schoulstonnen. Dat ass d'Mëttegiessen. Dat ass och am Kader vun deem lessen eng Surveillance an eng Animatioun. Dat si Cours d'appui fir déi Kanner, déi dat néideg hunn. Dat ass eng Animation socio-culturelle op fräien Deeg, respektiv op fräie Mëtteger. En Ensembl vum Offeren am Kader vun der öffentlecher Schoul an deem Kader, wat mer an der Stad Foyer de midi nennen. Ech mengen, den Term Foyer de midi seet jo scho genuch. Et ass net nëmmen eng reng physesche Affär. Et ass eng Approche zum lessen. Et ass fir vill Kanner, déi dat doheem eigentlech net méi kennen, ze léieren iwwerhaupt emol roueg un engem Dësch ze setzen an eng lesskultur ze kréien.

Alleguer déi Saache gehéieren derzou an déi verstinn ech ënner Encadrement parascolaire. Dat heescht, dass d'Restauration scolaire fir ons dovun een Element ass. Dat huet Konsequenze fir politesch Positiounen iwwert d'Schoul.